Qualitéitscritèren vun engem Webfolio

Fir unzefänken

- De **Numm/Titel/Iwwerschrëft vum Webfolio** soll d'Thema kloer spezifizéieren (E kuerze Saz als Titel ass erwënscht).
- **D'Aféierung ass immens wichteg**: Et muss een direkt erkennen ëm wat et geet: di éischt Säit muss "an d'A sprangen". Op der éischter Säit mussen onbedéngt Fotoen an/oder Biller, Videoen, Animatiounen d'Thema kloer ëmräissen.
- **Eng Mise à Niveau** am Ufank vum Webfolio duerch en informativen GYANA-Virwëssenstest (wann et nëmme geet). Op falsch Äntwerten soll dem Schüler di richteg Äntwert mat ev. zousätzlechen Informatiounen ugewise ginn.

Schrëftart

- Wa méiglech ëmmer deeselwechte Font benotzen.
- Schrëftaart muss grouss genuch sinn, kann awer am Stil (Bold, Italic...) a Gréisst änneren awer generell d'Schrëftfaarwen moderat asetzen. Zellenofstand op 1,5 astellen. Genuch Plaz tëschend Text a Bild loossen.

Säitorganisatioun

- Nëmmen 1 Level/Niveau Ënnersaiten virgesinn. D'Säiten net ze laang maachen (2-max. 3 Bildschirmsäiten).
- Ausgeglachenen Asaz vun Bild/Video/Animatioun an Text (net ze vill Text).

Gyana

- Op all (Enner-) Säit soll e GYANA-Test stoen deen den Inhalt zu där Säit iwwerpréift. Do soll de Schüler bei all Äntwert (richteg/falsch) zousätzlech Informatioune kréien. Zum Schluss vum Webfolio muss en Geamttest iwwert de ganzen Webfolio gemaach ginn mat engem méi héijem Schwieregkeetsgrad an idealerweis Schlësselfroen.
- D'GYANA-Tester kloer ervirhiewen (z.B. Titel uginn).
- De GYANA-Test selwer diversifizéiert gestalten (esou vill ewéi méiglech Froentypen asetzen).

Praktesches

- Videoen/Animatiounen onbedéngt eroflueden (z.B. YouTube) an op mySchool! (am Webfolio) eroplueden. Dat verhënnert "doudeg Verweiser".
- Virum éischten Asaz soll äre Webfolio getest ginn:
  1. Op der Plaz wou e gebraucht gëtt (an der Schoul). Esou evitéiert dir Problemer mat Videoen/Animatiounen déi bäi iech doheem lafen awer net onbedéngt op all PC.
  2. Zäitlech Aschätzung (Dauer) vum Webfolio iwwerpréiwen am beschten mat e pur Schüler.